N°3896
Entrée le 09.06.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Réponse du Premier ministre et de la Ministre déléguée auprès du Premier ministre, chargée des Médias et de la Connectivité à la question parlementaire n°3896 de l'honorable Député Marc Goergen.

1. Wéi vill Publicitéiten huet de Staat ënnert dëser Regierung am Paperjam kaf ?

Am Joer 2024 huet d'Regierung 31 Paiementer fir staatlech Publicitéitszwecker un d'Gesellschaft PAPERJAM S.A. (Paperjam, Delano a City Magazine) iwwerwisen. 2025 waren et der 54 an dësem selwechte Kontext.

2. Wéi ee Montant huet de Staat fir dës Publicitéiten ausginn ?

An der follgender Tabell ginn d'Montante vun deenen zwee leschte Joren opgegraff:

| | 2024 | 2025 |
|---|---|---|
| Betrag fir staatlech Publicitéit bei Paperjam S.A., an Euro | 138 961 | 265 331 |
| Identifizéiert Gesamtdepensë fir staatlech Publicitéit bei Presseorganer, an Euro | 2 330 604 | 2 610 067 |
| Identifizéierten Undeel vun der staatlecher Publicitéit bei Paperjam S.A., an % | 6,0 | 10,2 |

An dëser Analys berécksiichtege mir staatlech Publicitéit, wéi se am Artikel 2 (19) vum europäesche Reglement 2024/1083 definéiert ass. Si ëmfaasst : "d'Platzéierung, d'Ervirhiewung, d'Veröffentlechung oder d'Verbreedung – an engem Mediendéngscht oder op enger Online-Plattform – vun engem Publicitéitsmessage oder Eegepublicitéit, vun enger ëffentlecher Annonce oder vun enger Informatiounscampagne vun oder am Numm vun enger ëffentlecher Autoritéit oder Entitéit, an der Reegel géint Bezuelung oder eng aner Form vu Géigeleeschtung." Publicitéits-Depensen, déi Agencen am Kader vu Prestatioune fir den ëffentlechen Déngscht gemaach hunn, sinn an dëse Montanten net mat abegraff. D'Gesamtdepensë fir staatlech Publicitéit, déi an dësem Tableau opgefouert sinn, baséieren op Ausgaben, déi bei 13 nationale Fournisseuren als staatlech Publicitéit identifizéiert goufen. Fir d'Joer 2024 sinn esou bis elo 152 899 Euro, verdeelt op 224 Paiementer, a fir d'Joer 2025, 279 559 Euro, verdeelt op 361 Paiementer, net als Publicitéit am Sënn vun der Definitioun vum europäesche Reglement 2024/1083, Artikel 2 (19), identifizéiert ginn.

Lëtzebuerg, den 9. Juni 2026.

De Premierminister,

(s.) Luc FRIEDEN